CSV FRAKTIOUN

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
26 MARS 2015
1024

**Här Mars Di Bartolomeo**

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 26. Mäerz 2015

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir lech dës parlamentaresch Fro iwwert d'Verwäertung vum Heckeschnëtt vun de Ponts et Chaussées un den Här Minister fir d'Nohalteg Entwécklung weiderzeginn.

Wéi et schéngt gëtt den Bam- an Heckeschnëtt, dee bei de Botzaarbechten vun den Ponts et Chaussées laanscht d'Stroossen ufällt, klenggehäckselt an zeréckgelooss respektiv verbrannt. Vu datt dëst Holz scho gehäckselt ass, wier et net méi sennvoll fir et z.B. de Gemengen unzebidden fir an déi eegen Hackschnitzelanlag. Eisen Informatioune no besteet op Gemengesäit och konkreten Interesse fir esou ze verwerten.

Dofir wéilte mir gären dës Froen un den Här Minister stellen:

- Verfueren d'Ponts et Chaussées effektiv esou mam Bam- a Heckeschnëtt ?
- Ëm wéi vill $m^3$ Holz handelt et sech dobäi ongeféier pro Joer ?
- Wéi kéint dëst Holz de Gemenge fir Heizzwecker zur Verfügung gestallt ginn?

Mat déifstem Respekt,

Martine Hansen
Deputéiert

Marco Schank
Deputéierten